

Luxembourg  
9, rue du Fort Elisabeth  
C. C. P. 31324  
Boite Postale 2415  
Luxembourg-Gare

29. Aug. 1979  
Luxembourg, le

Léiw Komeroden!.

Den Zentralcomitee rappeléiert mat desem Zirkulär nach eemol,  
dat ons traditionnell JOURNEE COMÉMORATIVE NATIONALE e

Sonndeg, den 9. September 1979

an der Staat zu Lëtzebuerg as. Rassemblement zu Hollerech op  
der Gare um 14,45 Auer.

Am Zentralcomitee si mer äis bewosst, dat vill vun onse Komeroden  
dobaussen am Land nët méi drun denken, well dee leschte  
Bülletin, an deem d'Journée annoncéiert war, läit schon eng gudd  
Zäit z'rëck. Leider as et äis einfach onméiglech, wéinst de Va-  
kanzen, kuerz virun dem 9. September nach e Bülletin erauszegin.

Et därf awer nët sin, dat duerwéint den 9. September manner Ko-  
merodinnen, Komeroden mat hire Familjen, Frënn a Bekannten un  
eiser nationaler Journée Comémorative deelhueelen, wéi an deene  
vergaangene, leschte Joer.

Mir riichten en drëngenden Appell un äre Comitee, alles, awer  
och renglech alles ze ënnerhueelen, dat all ons organiséiert Ko-  
merodinnen a Komeroden schrëftlech avertéiert an esou ugehale gin,  
onbedéingt un der Journée deelzehueelen.


Heibäi fand dir e Middel vun engem Zirkulär, deen d'Jonglënster  
Sektioon hire Memberen geschéckt huet. Deen Text kënnt dir oni  
weideres Utaliséieren. Fir esou en Zirkulär erauszegin, brauch a  
kenger Sektioon de Comitee zesummegeruf ze gin. All Empfänger vun  
desem Schreiwes kann dat selwer maachen. Da geht keng Zäit ver-  
luer, an eis Leit kréien hir Invitatioun nach vëllegen matzäiten.

Denkt och drun, dat äre Sektionsfuendel mat an d'Staadt kënnt.

Elo no dem Erfolleg an de leschte Chamberwahlen därf kee gleewen,  
et wir alles am Botter, elo kënnte mer d'Bängele bei Tromm léen.  
Jhust de contraire as de Fall! Jidder Eenzelen vun eis zielt! Et  
soll kee mengen, an Zukunft g<sup>et</sup>ing och oni hien. Wann all Enrôlé  
esou denkt, da steht et schappeg em ons an ons Saach.

Op onser Journée geht et haaptsächlech drem, all deene sëllechen  
aus eise Reihen ze gedenken, si ze éiren, déi wéinst der Zwangs-  
rekrutéierung haut laang oder och manner laang schon doud sin.  
Ma doderniewent därfe nie vergiessen, dat d'Land op äis kuckt!

Bis e Sonndeg, den 9. September 1979, mat deene beschte Gréiss,  
fir den Zentralcomitee,

  
Jheng Hames